**Evangelium vum 32. Sonndeg C**
**Lk 20, 27. 34-38 (Kuerzfaassung)**

## KONTEXT

De Jesus ass ewell zu Jerusalem ukomm (zënter Lk 19, 29), mer sinn also am Lk am leschten Deel vum Jesus senger Missioun heinidden ukomm. Hei fanne mer dann och vill Paralleltexter beim Mk a beim Mt (fir eisen Text : Mk 12, 18ff ; Mt 22, 23ff), och wann natierlech jiddferee vun den Evangelisten seng eegen Akzenter an dësen Texter setzt. – An de Kapitelen 20 an 21 ass de Jesus am Tempel, wou hien sech un d'ganzt Vollek, d.h. u jiddfereen, deen et héiere wëlt, riicht (cf. 20, 1). Als lescht Erzielungen éier d'Passiounstexter (am Kapitel 22) ufänken, hunn se eng besonnesch Dramatik.

## TEXT

**De Jesus sot zu e puer vun de Sadduzäer, déi behaapten, ... (V. 27) :**

D'**Sadduzäer** gehéieren zu den ieweschte vun de juddesche Priisterklassen mat groussem reliéisen (si stelle meeschtens den Hohepriister, wéi zur Zäit vum Jesus, de Kajaphas) a politeschem (si kollaboréiere mat der réimescher Besatzungsmuecht, sinn also bei de Leit net grad beléift) Afloss. Hiren Numm kënnt vum Zaddok (cf. 2Sam 15, 24), als deem seng Nokommen si sech gesinn. Am Géigesaz zu de Pharisäer gleewen si weder un Engelen, nach un Dämonen, nach un eng Operstéiung vun deenen Doudegen (e Glawen, deen zu der Zäit vun de Makkabäerkricher, am 2. Jhd.v.Chr., cf. 1. Liesung vun dësem Sonndeg, ugefaangen huet am Juddentum ze wuessen). Fir si zielt als Gesetz just nëmmen d'Tora. – Mat deem Beispill, daten si dem Jesus hei verzielen (Vv. 28-33), versichen si hien an de Glawen un eng Operstéiung lächerlech ze maachen.

**« D'Kanner vun dëser Welt bestueden sech, ... (Vv. 34-36) :**

De Jesus léisst sech an senger Äntwert guer net op de Sadduzäer hir Kasuistik an ; seng Äntwert ass op engem ganz aneren Niveau. – **V. 35** : de Lk ënnersträicht hei, datt et eng Gnod ass zu deenen ze gehéieren, déi un der Operstéiung vun den Doudegen deelhuelen (cf. och Lk 14, 14) ; anerwäerts awer schreiwt hie vun enger Operstéiung vun de Gerechten a vun de Sënner (cf. Apg 24, 15). Eigentlech geet et hei ëmt en Thema, wou kee Mënsch eppes Geneeës soe kann, bis et esouwäit ass. - **V. 36** : datt si wéi Engele sinn an net méi sech bestueden an net méi stierwen, wëlt net heeschen, datt déi Saachen, déi d'mënschlecht Liewen ausmaachen, näischt (méi) wäert sinn, mee, no juddescher Opfaassung (ausser ebe bei Leit, wéi d'Sadduzäer), datten si da keen anert Bestriewe méi hunn, weider wéi Gott ze luewen an him ze dingen. – Et gëllen do aner Ëmstänn wéi 'heinidden'.

**Datt awer déi Doudeg erwächt ginn, dat ... (Vv. 37-38) :**

Am V. 36c huet de Jesus eng Gläichung opgestallt, déi hien elo begrënnt mat der Erzielung vum Moses bei der Därenheck (cf. Ex 3, 6), wou an Ex 3, 12 de Moses

(d’Autoritéit, de ‘Moses, eise Léiermeeschter’) gesot kritt, Gott wier deen ‘Ech-sinn-den-ech-sinn-do’, d.h. deen, deen ëmmer do ass, also och deen, dee matgeet. Fir de Jesus ass dëst de Bewäis derfir, datt Gott net e Gott vun Doudegen, ma vu Liewegen ass. (De räätselhafte V. 38c kann heeschen : well op hien zou (am Griicheschen dativ d’intérêt ?) liewen d’Mënschen dach, dofir sinn si geschafen.)

(Fränz Biver-Pettinger)